Eist Miersch

2/18

De Syndicat ënnerstëtzt d'„Stëmm vun der Strooss"

Am Kader vun enger klenger Feierstonn hu Membere vum Syndicat der „Stëmm vun der Strooss" de 15. Oktober 2018 zu Schëndels e Scheck am Wäert vun 2.500 Euro iwwerreecht. Et ass dëst déi 2. Scheck-Iwwerreechung am Kader vun Ënnerhaltsaarbechten um Camping Krounebierg, déi d'„Stëmm vun der Strooss" zanter 2017 zesumme mam Syndicat mécht.

Den Daniel Schneider mat senger Equipe huet déi gutt Zesummenaarbecht begréisst an d'Wichtegkeet an de Sënn vun esou Aarbechte fir d'Leit vun der Stëmm betount. Mat de Suen, wou och de „Bësch a Gaardenzenter" 500 € bäigeluecht hat, wäert d'Fierschterin Kimberly Both eng See, fir Brennholz ze schneiden, kafen an och eng Heckeschéier mat Akku, déi et erlabe wäert, manner schwéier a méi sécher a gesond ze schaffen. De Präsident vum Syndicat huet d'Géigesäitigkeet am Schaffen gelueft an der Stëmm Merci fir déi geleeschten Aarbecht gesoot.

Als klenge Merci ass der Fierschterin, déi leider net un der Feierstonn deelhuele konnt, e Blummenarrangement hannerluecht ginn.